CHAMBRE DE TRAVAIL
ARBEITERKAMMER

CEP·L
Chambre des Employés Privés Luxembourg

Discours à l'occasion de la réception de Nouvel An 2008 de la Chambre des employés privés et de la Chambre de travail

24. Januar 2008

Ried vu de Präsidenten Nando Pasqualoni a Jean-Claude Reding

- Seul le discours prononcé fait foi -

Där Dammen an där Hären Ministeren,
Där Dammen an där Hären Deputéierten,

Där Dammen an där Hären,
Léif Kolleginen an Kollegen,

1ère orateur : M. Nando Pasqualoni:

Mär begréissen äerch häerzlech op eisem gemeinsamen Neijorsempfang vun der Aarbechterkummer an der Privatbeamtekummer.

En vue vun der geplangten befierstoender Fusioun vun eisen zwou Beruffschamberen - ass dat haut wahrscheinlech déi lescht Geleeënheet fir eng gemeinsam Neijorsréceptioun.

Statut unique

De Gesetzesprojet den um Instanzewee ass, gesäit vir dat den „Statut unique du salarié" den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt.

Well de Gesetzesprojet e gemeinsame Statut fir d'Memberen vun eise Chamberen festleet, hu mär als Aarbechterkummer an als Privatbeamtekummer décidéiert e gemeinsamen Avis ze schreiwen.

Dësen Avis ass den 14. November lescht Joer an zwou zäitgläiche Plénièren ugeholl ginn.

Mär begréissen ausdrécklech d'Anféieren vun engem eenheetleche Statut fir Salarié'en aus dem private Sektor.

Dëse Statut ass aus eiser Siicht eng historesch - an eng juristesch Noutwennegkeet.

Déi historesch Spaltung vun de Lounofhängegen gëtt iwwerbréckt an eng Rei Ongerechtechkeeten déi nett méi zäitgeméiss sinn - awer dofir kontraproduktiv - ginn elo endlech ofgeschaf.

Am Loaf vun de Joerzingten huet vierunallem den Asaz vun der stoarker Gewerkschaftsbeweegung hei zu Lëtzebuerg de soziale Fortschrëtt weiderentweckelt.

Des kontinuéierlech Entwécklung huet eng ëmmer méi grouss Unnäherung vum Statut vun den Aarbechter an de Privatbeamten matsechbruecht.

Zenter 1989 ass d'Aarbechtsrecht wäitgehend harmoniséiert ginn. Déi Gesetzer déi an de leschte Joerzéngten ugeholl gi sinn hunn den Ënnerscheet souwisou nett méi gemaach.

An der Sécurité sociale kenne mär eng ähnlech Entwécklung an déi néi Départementer wéi d'Assurance Dépendance oder den RMG maache keen Ënnerscheed tëschent Aarbechter a Privatbeamten.

D'Aféiere vum Statut unique ass eiser Meenung no eng historesch Reform déi d'Aarbechtsrecht an d'Sécurité Sociale betrefft.

Si spigelt awer och gesellschaftlech Veränneru ngen – an déi néi betriblech Realitéiten erëm.

Där Dammen an där Hären
Léif Kolleginen an Kollegen

Den Eenheetstatut vum Salariat ass eng gutt Saach - et ass awer och e Kader den nach mat Inhalter muss gefëllt ginn.

Et ass eiser Meenung no – absolut noutwenneg d'Moderniséierung vum Aarbecht- a Sozialrecht weiderzedreiwen.

Reform vun de Matbestëmmungsrechter

Mär denken do virun allem un d'Matbestëmmungsgesetzer an un d'Gesetzer iwwert d'Personalvertriedung an de Betriber. Déi stamen aus de 70er Joeren a sinn de Realitéiten vun haut nët méi ugepasst.

Am Zäitalter vun der Globaliséierung vun der Wirtschaft, vun enormen Bénéficer déi gemaach ginn , gëtt fir d'Personal an de Betriber den Drock ëmmer méi grouss, den Toun gëtt méi rau.

Fir d'Leit déi schaffen - a vun deenen ëmmer méi ofverlangt gëtt – fir deenen hir Interessen besser ze vertrieden, mussen d'Rechter vun hiren Delegéierten ausgebaut gin.

Den Ausschussmann – oder Ausschussfroa – am Betrib muss och esou forméiert ginn dat si an der Laach sinn d'Beleegschaften optimal ze vertrieden.

D'Aktivitéit als Personalvertrieder däerf zu kenger Form vun Diskriminéierung féieren.

D'Moderniséierung vun de Matbestëmmunggesetzer heescht och dat d'Konsultationsrechter gesetzlech verankert musse ginn.

Am Virfeld vun Entscheedungen muss mat de Personaldelegéierten geschwat ginn - an hirer Meenung muss Rechnung gedroe gin. Nëmmen dat ass eng richteg Konsultatioun.

An veschiddene Beräicher ewéi zum Beispill Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz, musse Matbestëmmungsrechter festgehale ginn.

Et ass och noutwendeg déi verschidde Niveaue vu Personalvertriedungen an och hier Attributioune méi kloer ze gestallten.

Sënnvoll ass et och d'Relatiounen tëschent deene Niveau'en ze präziséieren.

Där Dammen an där Hären
Leif Kolleginen an Kollegen

D'Regierung hat wëlles de Chantier vun der Moderniséierung vun de Personelvertriedungsorganer an Ugréff ze huelen.

Sie huet dëse Chantier awer gestoppt.

Mär erwaarden awer dat elo Neel mat Käpp gemaach ginn.

Mär erwaarden dat déi iwwerfälleg Reformen déi Relatiounen tëschent Patron'en an Salarié'en gestallten, an engem modernen zäitgeméisse Gesetz geregelt ginn.

Stoark Personaldelegatioune sinn e Garant dat d'sozial Kohesioun - an de soziale Fridden an der Aarbechtswelt erhale bleiwen.

An de Virstellunge vu verschiddene Patronatsvertrieder sollt de kollektiven Schutz, kollektiv Ofsécherungen, all kollektiv Regelungen opgelockert ginn.

Den Eenzelnen am Betrib soll méiglechst individuell seng eege Saache mat sengem Patron deikselen.

Dat Ganzt soll op Käschte vu kollektive Ofmaachunge goen.

D'individuell Interressen vum Eenzelnen sollen ausgespillt gin géint d'kollektiv Interessen vun enger ganzer Belegschaft.

Den Eenzelnen soll sech entsolidariséieren.

Bei dem Spill kënnen déi Lounofhängeg nëmme verléieren.

Gefore bei der Moderniséierung vum Aarbechtsrecht

Eist Wiertschaftssystem – an eng parti Economisten schwätzen vun engem „capitalisme financier" – characteriséiert sech doduerch, dass mat alle Mëttelen - kuerzfristeg de Cours vun den Aktien an d'Lut gedréckt muss ginn.

D'laangfristeg Croissance - an d'Beschäftegung ginn deene kuerzsichtegen Objektiver ennergeuerdnet.

D'Moderniséierung vum Aarbechtsrecht doarf net aus esou enger Perspektiv gemaach ginn.

Déi Approch fier konsequent d'Rechter, an d'Errungenschaften vun den Schaffenden oafzebauen, féiert zu soziale Spannungen – féiert zu sozialen Ausenanersetzungen.

Déi Approche stellt mëttelfristeg de soziale Fridden an d'sozial Kohesioun vun eiser Gesellschaft dauerhaft op d'Spill.

Domat setzt en och eng laangfristeg méi stabel wirtschaftlech Croissance op wackeleg Been.

D'Aarbechtsrecht ass keen Instrument fir Wiertschaftspolitik ze maachen. An der Relatioun Patron – Salarié ass de Salarié vu Natur aus - ennerleen. D'Aarbechtsrecht muss och weiderhin an dem Rapport de Force dofir suergen dass de schaffende Mënsch net enger Allmacht vum Patron ausgeliwwert ass.

Et gin masseg Etuden déi beweisen, dass d'Unzuel vun de geschafenen Aarbechtsplazen onofhängeg ass vun der Qualitéit vum bestehenden Aarbechtsrecht.

Flexicurité

Där Dammen an där Hären
Leif Kolleginen an Kollegen

De néie Slogan dee vun der europäescher Kommissioun als d'Wonnermëttel presentéiert gëtt ass d'Flexicuritéit.

Déi Flexicuritéit ass fir déi Beschäftegt e Cadeau empoisonné.

Wann een d'Gréngbuch vun der Kommissioun liest muss ee sech natierlech d'Fro stellen op do nët soll de Statut vum Salarié opgeweecht gin.

Dobäi kennt d'Lëtzebuerger Gesetzgebung vill Elementer vu Flexibilitéit an et wier wichteg d'Aspekter vun der Sécuritéit ze stäerken.

Esou huet de Patron laut Gesetz d'Méiglechkeet fir zäitlech begrenzt Aarbechten ze maachen op en CDD zréckzegräifen.

An dat geschitt ëmmer méi oft.

A verschiddene Beräicher ass den CDD esou guer praktesch de Contrat de droit commun.

Virun allem kréien déi jonk Leit CCDen an dat an enger Liewensphase wou si finanziell Stabilitéit bräichte fir eng eegen Existenz opzebauen.

Zur Zäit sinn déi Jonk ënnert 25 Joer 8 mol méi oft an enger Situatioun dat se en zäitlech begrenzten Aarbechtsvertrag hunn.

An der Altersgrupp ënnert 25 Joer ass d'Prekaritéit vun der Aarbechtsplaz eng Situatioun déi een ëmmer méi fënt.

En anert Element vu Flexibilitéit fir de Patron, ass d'Prozedur déi et engem Patron erlaabt fir d'Aarbechtskonditioune vu sengem Salarié ze veränneren.

Wann Motiver bestin fir esou eng Ofännerung ze machen, da kann de Patron, ouni den Accord vum Salarié, den Aarbechtskontrakt ofänneren.

Wann e Patron e Salarié entloosse wëll, da sinn d'Indemnitéiten net héich an dofir och net ofschreckend.

Och d'Indemnitéiten déi vum Gericht ausgesprach ginn, bei enger net berechtëgter Kënnegung sinn e klénge finanzielle Risiko fir de Patron.

Wat Flexibilitéit ugeet setzt de Patron an der Regel um längeren Hiewel.

An deem Zesummenhang ass de Vierworf vun der Rigiditéit vum Aarbechtsrecht nët ubruecht.

Déi Rigiditéit gesi mär nett als negativ.

De Rôle vum Stat an der Wiertschaft an an der Gesellschaft

Där Dammen an där Hären
Léif Kolleginen an Kollegen

Aus eiser Siicht ginn d'Dispositioune fir Leit déi duerch Restrukturéierungen vun hire Betriber vum Chômage bedrot sin, nët wäit genuch.

Esou misst d'Gesetz iwwert de Maintien dans l'emploi vill méi contraignant sinn.

Eng wierklech antizipativ Gestioun vun der Beschäftegung misst deene Betraffenen eng Plaz ofsécheren, äert se mussen an de Chômage goen.

Déi fundamental Fro vum Rôle vum Stat an eiser Gesellschaft ass domat gestallt.

Zitt de Stat sech aus ëmmer méi Domainer zeréck, an iwwerléisst en dem Moart den Terrain fir Léisungen unzebidden.

Oder awer gräift en aktiv a richtungsweisend an - wann Léisunge gefrot sinn.

Geet et eis duer e minimalen "Nachtwächterstaat" ze hunn – oder soll de Stat en aktive Rôle an der Wiertschaft an am soziale Beräich spillen.

Mär sinn der Usiicht dat mär en aktive Stat brauchen.

Domat doarfe Betriber nët aus hirer Verantwortung entlooss ginn.

Déi skandinavesch Länner weisen eis - dat e stuarken demokrateschen Sozialstat - a gutt wiertschaftlech Performancen sech nët ausschléissen.

CHANGEMENT D'ORATEUR:

M. Jean-Claude REDING

Dir Dammen an dir Häre,

La future Chambre des salariés : continuité des travaux

D'Avis'en vun eisen zwou Chamberen ware bis elo e wichtegen Bestanddeel vun hiren Aarbechten dat wäerd och béi der neier Chamber vun de Salarié'en esou bleiwen.

An deene leschte Joren sin d'Aktivitéiten vun deenen zwou Salariatschamberen awer erweidert gin. Et sinn esou ëmmer méi Pabereien ausgeschafft ginn a wichtegen sozialen an ekonomeschen Dossier'en. Des Aarbecht muss a wäert och vun der zukënfteger Salariatschamber weider gefouert ginn.

Och di nei Chambre des salariés soll eng Institutioun sinn, déi Donné'en sammelt an objektiv interpretéiert, fir a wichtegen nationalen europäeschen Dossier'en, déi allgemeng hir Ressortissant'en betreffen, Stellung ze huelen.

Beispill war den Dossier Bolkestein.

D'Beruffschamberen hunn déi Propositioun de Directiv op Virschlag vun de Gewerkschaften objektiv am Detail analyséiert, se an den europäeschen an nationalen Kontext gesat, an op méiglech ekonomesch a juristesch Konsequenzen opmierksam gemaach, déi Verschlechterunge fir d'Salarié'e mat sech bruecht hätten.

En anere wichtegen Dossier nach op nationalem Niveau, wou d'Expertise vun de Beruffschambere gehollef huet fir d'Positioun vum Salariat ze ënnermaueren ass de Kompetitivitéitsdossier. Mir denken do un de faméise Rapport Fontagné.

De Géigerapport deen d'Beruffschamberen an d'Gewerkschaften ausgeschafft hunn, huet vill Konklusioune vum Rapport Fontagné widderluecht, an et de Gewerkschaften erlaabt, fir besser kënnen d'Interessen vun de Salarié'en an de Verhandlungen mat der Regierung an dem Patronat ze verteidegen.

Dir Dammen an dir Häre,

Suivi de l'actualité économique et sociale

Déi zukënfteg Chamber vun de Salarié'en soll also eiser Meenung no eng wichteg Roll spillen fir d'Interessen vun den Salarié'en, nët nëmmen iwwert de Wee vun hiren Avis'en zu Gesetzesprojet'en ze verteidegen, mä och andeems se a wichtegen sozialen an ekonomëschen Dossier'en Positioun bezitt.

Duerfir ass et natierlech wichteg fir ëmmer déi aktuell wiertschaftlech a sozial Entwécklung am An ze behalen.

Situation économique excellente

Do muss ee feststellen dass eist Land sech an enger gudder wiertschaftlecher Situatioun befënnt.

Zënter 2000, war Lëtzebuerg all Joer op der éischter Plaz an Europa wat di makroekonomesch Leeschtunge betrëfft. Dozou kënnt, dass och wat d'Produktivitéit an d'Aarbechtskäschte betrëfft di Lëtzebuerger Ekonomie extrem kompetitiv ass am internationale Verglach. 2006 hate mer do di zweet bescht Performance hannert Malta.

Di gudd wiertschaftlech Konjunktur huet sech natierlech och positiv op d'Statsfinanzen ausgewierkt. Mir hunn an eisen Avis'en zum Budgetsprojet vun der Regierung op di gudd Situation vun den ëffentleche Finanzen higewisen; eng Situatioun déi sech wesentlech besser presentéiert wéi nach virun engem Joer geduecht.

As am November 2006 nach mat engem Defizit, no Maastrichtkritären, vun 0,8% vum PIB gerechent ginn, gëtt 11 Méint méi spéit mat engem Surplus vun engem Prozent gerechent. Dat sinn 1,8 Prozentpunkten Ënnerscheed.

Wéi sot schonns den amerikanesche Schrëftsteller Mark Twain : Eng Previsioun maachen ass schwéier, virun allem wann se d'Zukunft betrëfft.

Wat d'Statsfinanzen betrëfft ass et och esou, dass vill Länner eis beneiden, zemols eis Nopeschlänner.

Eng aner Entwécklung mécht eis awer Suergen : dat ass de fait, dass d'ëffentlech Finanzen ëmmer méi vun de Salarié'en a vun de Konsumenten gedroe ginn. Den Deel vun de Recetten déi aus der Betribsbesteierung kommen gëtt ëmmer méi kléng am Verglach zu deenen zwou anere Sourcen.

Dat ass allerdéngs kee reng lëtzebuergesche Phenomen, mä en europäeschen, wann net e weltwäiten. Duerfir muss do och op dem appropriéierten Niveau no Solutioune gesicht ginn fir deem entgéintzewierken. Et ka jo net esou sinn dass d'Part vun de Salären an der Valeur ajoutée zréck geet an dass, en plus nach, déi Part vun de Salären ëmmer méi e groussen Deel vun den ëffentlechen Ausgaben soll finanzéieren.

Dir Dammen an dir Hären,

Wiertschaftlech gesin steet eis Land also wierklech gutt do am internationale Verglach. Am Tableau de Bord vum Observatoire de la compétitivité ginn awer och Indikateuren aus dem sozialen an aus de Ëmweltberäich suivéiert well d'Lissabon- Strategie sech jo bekanntlech, zumindest offiziell, op dräi gläichberechtegten Pilier'en baséiert.

Environnement: situation médiocre

An der Kategorie Ëmwelt ass Lëtzebuerg 20ten vu 27. Dat muss engem jo awer ze denke ginn. Duerfir misst déi zukënfteg Salariatschamber sech, eiser Meenung no, och verstäerkt mat Themen wéi dem Développement durable befaassen.

Do hu mer iwwregens viru kuerzen eng gemeinsam Positioun, zesumme mat de Gewerkschaften, ausgeschafft, en vue vum Opstellen vun engem neien nationale Plang vum développement durable. An deem Pabeier gëtt sech kritesch mat dem Konzept vum Développement durable ausernaner gesat, an och konkret gesot wou eiser Meenung no an nächster Zukunft mussen d'Prioritéiten um politesche Plang gesat ginn. Dëse Pabeier wäerte mer am Februar virstellen.

Et ass virun allem eng Erausfuerderung, mä gläichzäiteg awer och eng Chance, fir d'Emweltpolitik mat sozialer Gerechtegkeet ze verbannen. Dat geschitt net ëmmer, ass awer enorm wichteg fir d'Akzeptanz vun ëmweltpolitesche Mossnamen ze erhéijen. En neit negativt Beispill kann do d'Ëmsetzung vun der europäescher Waasserdirektiv gin.

Directive-cadre sur l'eau

Vill Gemengen hiewe schonns zënter e puer Joer lues a lues de Waasserpräis, well gesot get dee misst ab 2010 käschtendeckend sinn. Dat wäert zu enger weiderer massiver Erhéijung vum Waasserpräis féieren dee sech kënnt tëschent 5 a 6 Euro de Metercube apendelen

Et kann a soll en akzeptéieren, dass e Präis fixéiert gëtt, den hëlleft den exzessive Konsum vum Waasser ze bekämpfen an et erlaabt fir eng héich Drénkwaasserqualitéit ze erreechen. D'Waasser fir dem Noper seng Piscine muss net vun der Allgemengheet matfinanzéiert ginn.

Mir sinn awer der Meenung dass de Waasserpräis muss esou sozial gestalt sinn dass d'Situatioun vun deene Stéit berücksichtegt gëtt, déi vläicht méi Waasser brauchen well se méi Kanner hunn a gläichzäiteg mei a klengt Akommnis hun. Net dass d'Erhéijung vum Waasserpräis herno op Käschte vun der Salubrité publique geet. A mir hun Bedenken virun enger Approche, déi dozou féiere wäert, dass muer nach méi Leit d'Demande vir Ënnerstëtzung um Office social vun de Gemenge maache mussen.

Mir hu mat Erschrecken festgestallt dass de Lëtzebuerger Projet mol net virgesäit dass ee sozial Facteuren mat kann considéréiere wann een de Waasserpräis festleet, währenddems di europäesch Direktiv dat awer ausdrécklech erlaabt.

Dir Dammen an dir Hären,

Augmentation des prix d'autres biens de première nécessité: rôle de l'index

An der Lescht sinn besonnesch d'Präisser am Beräich vun der Alimentatioun staark an d'Lut gaangen. De Botter, d'Mëllech an d'Brout sinn ëm déi 10% geklommen. D'Entwécklung vun de Präisser an deene leschte Joeren um Wunnéngsmaart dierf een heibäi och net vergiessen.

Dat bréngt en zolitte Kaafkraftverloscht mat sech an duerfir ass et esou wichteg un der automatescher Lounindexéierung festzehalen, dat zemools dann wann d'Präisser vun esou Wuere klammen.

Mir wëllen hei net op all d'Virdeeler vun dem System agoen. Loosst eis just soen dass dee sougenannte Phenomen vum Auto-allumage nach bis elo net konnt bewise ginn, an dass een net einfach esou soll behaapten dass et e gëtt. A wann et e géif ginn, da wär et nach ëmmer e politesche Choix, dee vu gewielte Mandatären ze huelen ass, fir ze decidéiere wat mat dem System geschidd.

Op Indexfro misst d'Politik endlech Faarf bekennen a Kloertext schwätzen wéi se sech den Index nom Joer 2009 virstellt. D'Undeitung vum Staatsminister op der Réceptioun vun der Fedil, dat elo no 2009, den Index eventuell misst verspéit ausbezuelt gin ass fir eis net akzeptabel.

T'ass ëmmer einfach fir de Problem, wann dann iwwerhaapt ee besteet, um Niveau vun der Präisentwécklung op den Index ofzewälzen.

Et muss ee sech awer mol froen ob aner Mesuren déi do festgehale goufe fir d'Inflatioun ze bremsen och esou konsequent ëmgesat goufen.

Sou haat d'Regierung sech zum Beispill engagéiert fir eng virsiichteg Politik ze maachen um Niveau vun der Upassung vun den administrative Präisser, dat en „évitant les à-coups".

Et sollten och nach fräiwëlleg Accord'en mat verschiddene Wiertschaftssekteure gemaach ginn fir d'Präisser ze maîtriséieren.

Ass op deene Punkte wierklech eppes geschitt zënter 2006 oder sinn d'Salarié'en déi eenzeg déi hiren Deel vun der Ofmachung agehalen hunn ?

Dir Dammen an dir Hären,

Situation sociale à la traîne

Den Index ass a bleiwt e Käersteck vum Lëtzebuerger Sozialmodell, dat ëmsou méi wann ee kuckt wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg am soziale Beräich ass. Den Observatoire de la compétitivité huet e spezifeschen Indikateur opgestallt fir di „sozial Gesondheet" vu Lëtzebuerg am internationale Verglach ze moossen.

Wa mer do och net stierweskrank sinn, dann hu mer zumindest eng fatzeg Gripp erwëscht. Am Joer 2006, ass Lëtzebuerg 12ten vun 27 Länner. Wann een déi 15 al Memberlänner kuckt, da si mer 11ten vun 15, nach just virun de Mëttelmierlänner.

Statistesch gesinn hëlt den Aarmutrisiko zënter e puer Joer kontinuéierlech zou. 2006 sinn 14% vun der Bevëlkerung vun dem Risiko bedrot. Dat ass beschtefalls europäescht Mëttelfeld.

Le boni fiscal pour enfants : une mesure à caractère social

Et ginn awer en plus nach verschidden Type vu Ménagen wou den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg nach e gudde Krack méi héich ass. Dat ass notamment béi de Ménagen mat Kanner de Fall, an do virun allem an de Ménages monoparentaux. 2006 sinn zu Lëtzebuerg 49%, dat heescht bal all zweete Ménage monoparental, vum Aarmutsrisiko bedroht.

Opgrond vun dësen Zuelen, an och opgrond vun der gesonder finanzieller Situtatioun vum Staat, ass d'Aféiere vun engem Kannerbonus natierlech ze begréissen. De Kannerbonus dee jo di aktuell Steiermoderatioun fir Kanner gréisstendeels ersetzt.

Et handelt sech hei ëm eng sozial Mesure, déi virun allem deene Ménagen hëlleft, déi Kanner hunn an net esou vill verdéngen. Et gi jo bekanntlech vill Ménagen déi bis elo net vun der Steiermoderatioun fir Kanner profitéiert hunn, well se souwisou kéng Steiere bezuelen.

Mir begréissen an dem Kontext dass dest Joer de Kannerbonus lo schons soll Enn Januar ausbezuelt ginn an net eréischt am Mäerz. Och si mer frou gewiecht ze héieren dass d'nächst Joer, wéi mer daat an eisen Avis'en gefrot haaten, de Kannerbonus soll a monatlëchen Tranchen ausbezuelt ginn.

Dir Dammen an dir Häre,

Phénomène des working poor : augmenter le SSM

Fir nach eng Kéier op den Aarmutsrisiko zréckzekommen : leider ass et esou dass mer zu Lëtzebuerg och de Phenomen vun de Working poor kennen. 2006 waren 10% vun de Salarié'en zu Lëtzebuerg vum Aarmutsrisiko bedrot.

Do stellt sech dann och d'Fro vum Niveau vum Mindestloun. De Mindestloun geet zu Lëtzebuerg zum Beispill net duer fir als Jonggesell iwwert de Seuil ze kommen ab deem een net méi als aarm gëlt.

An anere Länner ass de Mindestloun vill méi héich par rapport zu dem Seuil de pauvreté,

Duerfir stellt sech effektiv net d'Fro : musse mer de Mindestloun regelméisseg unhiewen an un d'Reallounentwécklung upassen?, mä éischter déi : musse mer net eng Kéier eng strukturell Upassung vum Mindestloun durchféieren ?

Dir Dammen an dir Häre,

Chômage de longue durée : mesures suffisantes ?

Mir wollten zum Schluss nach op eng Problematik agoen déi eis an deene leschte Joren och ëmmer méi Suerge mecht, dat ass den Niveau vum Chômage zu Lëtzebuerg. Virun allem de Laangzäitchômage huet vill zougeholl.

Am Joer 2002 war manner wéi all fënnefte Chômeur méi wéi 12 Méint ageschriwwen ; fënnef Joer méi spéit ass all drëtte Chômeur esou laang ageschriwwen. Béi de Laangzäitchômeuren sinn déi déi méi wéi 50 Joer hun staark iwwerrepräsentéiert.

Dass de Chômage zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren zougeholl huet, huet mat Sécherheet näischt mam Aarbechtsrecht oder mat de Prestatioune wat d'Chômageindemnitéite betrëfft ze dinn, mä ass op di wiertschaftlech Konjunktur zréckzeféieren.

Dass de Chômage net zréckgaangen ass, wéi di wiertschaftlech Croissance an d'Beschäftegung erëm ugezunn hunn, ass op dee bekannte Phenomen zréckzeféieren, dass Lëtzebuerg e risege Réservoir vu potentiellen, gutt qualifizéierten Aarbechtssichenden an der Groussregioun huet.

Déi nei Conventioun d'activation déi kierzlech agefouert ginn ass, ass do sécher keen Allheelmëttel. Et ginn do positiv Elementer, wéi méi eng individualiséiert Betreiung vun den Demandeur d'emploi'en. Wann dat gutt fonctionnéiert, wann d'ADEM di néideg Moyen'en huet, da kann daat eppes bréngen.

Mee dëst neit Instrument bréngt awer och vill Gefore mat sech. Mir hunn an eisen Avis'en drop opmierksam gemaach, dass d'Chômeure mussen adequat behandelt ginn a net dierfen den Decisioune vun der ADEM ausgeliwwert sinn.

Do bestinn eiser Meenung no nach immens vill Onkloerheeten. Et ass am Moment vläicht nach ze fréi fir kënnen z'évalueieren op dat Instrument an och di nei Beschäftegungsmesuren eppes bruecht hunn oder eppes wäerte bréngen. Et sollen awer sou bal wéi méiglech Evaluatioune gemaach ginn. An deenen zoustännege Gremie mussen dann d'Sozialpartner driwwer informéiert ginn, wéi déi nei Dispositioune genau an der Praxis ëmgesat ginn.

Dir Dammen an dir Häre,

La formation reste le principal instrument de lutte contre le chômage

De grousse Problem vum Chômage zu Lëtzebuerg läit um Niveau vun der beruffllecher Qualifikatioun, vun der Ausbildung, dat en dehors vu bessere Léisungen déi musse fonnt ginn um Niveau vum Maintien dans l'emploi oder wat de Fonctionnement vun der ADEM betrëfft.

Béi deenen Jonken déi d'Schoul ouni Diplom verloosse leie mer iwwert der europäescher Moyenne am Joer 2006. Mir sinn do leider op engem konstant héijen Niveau. Op der anerer Säit ass dann och den Undeel vun der Bevëlkerung vun deenen 15 bis 24 Jäeregen déi den Niveau Secondaire supérieur hunn, ee vun deenen déifsten an Europa.

Mir mussen et einfach fäerdeg brénge méi Leit besser ze qualifizéieren.

Les activités en matière de formation de la future Chambre des salariés

Mir sinn der Meenung, dass do och di zukënfteg Salariatschamber hire Rôle misst spillen an dat op dräi Niveau'en, déi sech an der Continuitéit befanne vun dem wat bis elo geschitt ass.

Dat éischt wat natierlech weiderhin muss gemaach ginn ass Avis'en redigéieren zu Gesetzesprojet'en déi d'Educatioun betreffen. Mir däerfen a wellen eis awer net dorop begrenzen, mä mir mussen och schonns am Virfeld un Diskussiounen Deel huelen an och selwer Iddien entwéckelen a Virschléi maache fir ze kucke wat ee wou ka verbesseren.

Och di nei Salariatschamber muss hir Responsabilitéit iwwerhuelen an e Roll spille fir e Kader ze schafen, deen et hire Ressortissant'en, oder zukënftegen Ressortissant'en, erméiglecht déi bescht méiglech Formatioun ze kréien.

Déi Roll soll sech eiser Meenung no awer net drop beschränken fir d'Regierung an hirer Educatiounspolitik ze beroden. Di zukënfteg Chamber vun de Salarié'en wäert och weiderhin selwer aktiv bleiwe wat d'Offréiere vun Cours'en a Formatioune betrëfft.

Dat ass éischtens natierlech di wichteg Arbecht wat d'Formatioun vun den Delegéierten an de Betriber betrëfft, fir dass des kënne besser a méi kompetent am Intérêt vun de Salarié'en schaffen. D'Aarbecht vum IFES, esou wei den Institue de Formation Economique et Sociale, wäert weider gefouert an ausgebaut ginn.

An et ass zweetens déi Aarbecht déi och am Moment schonns gemaach gëtt um Niveau vun der Erwuessenenausbildung. Och do, géife mer mengen, soll déi nei Chamber weiderhin e wichtegen Opérateur bleiwe fir hire Ressortissant'en Weiderbildungsméiglechkeete zu engem soziale Präis unzebidden. Och d'Aarbecht vum Lifelong Learning Center muss a wäert weidergefouert an ausgebaut ginn.

Dir Dammen an dir Häre,

Dir gesidd dass, och am Virfeld vum Statut unique, déi zwou Salariatschambere schonns des öfteren eng zesummegeschafft hunn. Dat nët nëmmen iwwert de Wee vu gemeinsamen Avis'en, mä och op anere wichtegen Dossier'en, notamment am Beräich vun der Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

Déi nei Chamber vun de Salarié'en, an der jo och wäerten d'Pensionäre vertruede sinn, misst sech also zum Ziel setzen des Aktivitéite weider auszebaue fir den Erwaardunge vun hire Ressortissant'en gerecht ze ginn. Ech sin zouversichtlech, dass dat geschidd.

Mir soen lech Merci dass der zu esou vill komm sidd an op eng gudd Zesummenaarbecht am Joer 2008.

E Merci och un aech fir aert Gedolt. E besonnesche Merci un d'Mataarbechter

Ech wënschen aech all e puer agréabel Momenter op eisem gemeinsamen Neijorsempfang!

Luxembourg, le 24 janvier 2008